
Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*
# Kapitel 5

# Kapitel 5 Säit 71, Übung 8

*Liest den Dialog haart zu zwee.*

\+ Hues du d'Akafslëscht? Wat brauche mer?

\- Fir muer de Moien: eng ,  an .
Wëlls du och Charcuterie?

\+ Jo, ech hätt gär e puer Tranchen  an .
Hu mir nach ?

\- Jo. Mä mir brauchen och nach  a .

\+ Am Rayon vum Gedrénks huele mir  a .
O, kuck, de  ass an der Reklamm! Sechs Fläsche kaschte just 24,99 €.

\- Tipptopp! Fir d'Mëttegiesse muer brauch ech nach  an . Deen hei kascht just 2,85 €, mä en ass ganz gutt!

\+ Elo gi mer nach an de Geméisrayon  an  sichen an dann hu mir alles!

\- Ech wëll awer och nach e bëssen Uebst. Komm, mir huelen eng  an e puer  mat.

\+ Ooo, mir hunn den Dessert vergiess! Ech ginn nach séier eng  sichen.

\- Ok, ech waarden an der Keess op dech.

# Kapitel 5 Säit 73, Übung 7

## *Uebst a Geméis*

Jee no Unzuel vun de Schüler ginn e puer Sette vun de Käertercher geprint an erausgeschnidden.


**Variatioun 1:**

Jee no Unzuel vu Schüler an der Klass designéiert de Proff e puer Verkeefer, de Rescht vun de Schüler si Clienten. Ënnert de Verkeefer ginn d'Käertercher verdeelt an si kënnen hire Stand an der Klass installéieren an eventuell eng Präislëscht festleeën.
Déi aner Schüler preparéieren eng Akafslëscht (oder kréien eng fäerdeg Akafslëscht vum Proff) mat op d'mannst sechs Saachen.
D'Zil vun der Aktivitéit ass et, en Akafsgespréich um Maart ze simuléieren.

**Variatioun 2:**

Et kann een d'Käertercher och fir d'Antrainéiere vum Vocabulaire benotzen. D'Schüler kënnen a Gruppen déi verschidde Saache benennen an eventuell Adjektiver derbäisichen. Et kann een d'Käertercher och fir Spiller wéi Quartett oder Memory gebrauchen.

# Kapitel 5 Säit 73, Übung 7



eng Banann - Banannen



en Apel - Äppel




en Äerdbier - Äerdbier



eng Quetsch - Quetschen



e Kiwi - Kiwien



eng Kiischt - Kiischten



eng Meloun - Melounen



eng Aprikos - Aprikosen




eng Orange - Orangen



eng Bier - Bieren



eng Mango - Mangoen



eng Ananas - Ananassen



eng Drauf - Drauwen




eng Zitroun - Zitrounen





en Hambier - Hambier

# Kapitel 5

Säit 73, Übung 7


eng Gromper - Gromperen


eng Tomat - Tomaten



eng Spargel - Spargelen


eng Ënn - Ënnen



eng Muert - Muerten


eng Zalot - Zaloten


eng Aubergine - Auberginnen


eng Courgette - Courgetten


e Choufleur - Choufleuren



eng Boun - Bounen


e Kürbis - Kürbissen


eng Porett - Poretten


e Paprika - Paprikaen




e Champignon
- Champignonen



eng Kornischong
- Kornischongen

# Kapitel 5


## Säit 75, Übung 4



*Kuckt d'Biller a sicht d'Wierder am Quadrat. D'Wierder sinn horizontal, vertikal an diagonal verstoppt.*










| | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Q | Ë | W | Z | E | R | M | N | B | V | D | C | X | Y | J |
| J | K | G | R | O | M | P | E | R | L | P | O | I | A | U |
| F | U | Z | R | E | O | W | T | Z | U | Q | K | A | S | G |
| Q | K | É | I | S | W | S | E | R | T | C | U | Z | G | H |
| R | U | I | G | O | P | Ä | S | S | I | O | C | P | H | U |
| Ä | A | S | D | G | J | F | C | I | H | K | H | L | D | R |
| I | Y | M | Ë | T | S | C | H | X | S | C | K | L | F | T |
| S | V | Ë | S | D | B | N | O | F | G | S | M | H | J | Q |
| X | W | L | Y | É | A | R | C | R | H | T | Z | H | A | M |
| O | U | L | I | O | X | P | K | Z | Ä | B | S | K | S | L |
| D | E | E | Ë | R | F | P | E | G | B | H | É | J | I | Y |
| N | X | C | C | V | B | N | L | M | C | V | S | I | B | J |
| T | N | H | M | B | A | N | A | N | N | Q | W | Ë | E | R |
| W | É | T | V | Z | U | M | A | É | S | T | T | U | A | R |
| E | B | I | N | M | Y | A | U | F | Ë | S | C | H | L | K |






# Kapitel 5 Säit 77, Übung 7

*Liest den Text.*

## *Iessgewunnechten zu Lëtzebuerg*

Déi dräi Haaptmoolzechten zu Lëtzebuerg sinn de Kaffi, d'Mëttegiessen an d'Nuechtiessen.

Moies iesse vill Lëtzebuerger eng Schmier oder e Bréitche mat Botter, Gebeess, Hunneg, Kéis oder Ham. Heiansdo iesse si och Mëtschen, zum Beispill e Croissant, eng Schockelasrull, eng Äppeltäsch, e Streisel, ... Aner Leit iesse léiwer Uebst a Müsli. Fir ze drénke gëtt et moies Kaffi, Téi, Schockelasmëllech, Jus oder Waasser.

D'Lëtzebuerger iessen traditionell tëschent 12 an 13 Auer eng waarm Moolzecht zu Mëtteg. Heiansdo gëtt et eng Zopp als Entrée.
En traditionellen Haaptmenü besteet aus Fleesch oder Fësch mat Gromperen a Geméis. Dobäi gëtt et oft eng Zalot. Als Dessert gëtt et e Stéck Taart an eng Taass Kaffi.

Owes gëtt et eng liicht Moolzecht, normalerweis Brout mat Kéis oder Charcuterie. Hautdesdaags hu vill Leit mëttes awer net vill Zäit an iesse just e Bréitchen. Si iessen dann eréischt owes waarm.

*Wat sinn Är Iessgewunnechten? Schwätzt an der Grupp.*

*Wéi vill Mol pro Dag iesst Dir?*

*Wéi vill Mol pro Dag iesst Dir waarm?*

*Um wéi vill Auer iesst Dir?*

*Wat iesst Dir moies, mëttes an owes?*

...

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## *Zousazmaterial*

## Kapitel 5

# Léisungen

## Kapitel 5 Säit 71, Übung 8

*Liest den Dialog haart zu zwee.*

\+ Hues du d'Akafslëscht? Wat brauche mer?

\- Fir muer de Moien: eng **Baguette**, **(e Glas) Gebeess** an **(eng hallef Dosen) Eeër**. Wëlls du och Charcuterie?

\+ Jo, ech hätt gär e puer Tranchen **Ham** an **Zoossiss**. Hu mir nach **Kéis?**

\- Jo. Mä mir brauchen och nach **(e Liter) Mëllech** an **(en Dëppchen) Ram.**

\+ Am Rayon vum Gedrénks huele mir **Jus** a **Spruddelwaasser**. O, kuck, de **Wäin** ass an der Reklamm! Sechs Fläsche kaschte just 24,99 €.

\- Tipptopp! Fir d'Mëttegiesse muer brauch ech nach **Fësch** an **Olivenueleg**. Deen hei kascht just 2,85 €, mä en ass ganz gutt!

\+ Elo gi mer nach an de Geméisrayon **Gromperen** an **Tomate** sichen an dann hu mir alles!

\- Ech wëll awer och nach e bëssen Uebst. Komm, mir huelen eng **Meloun** an e puer **Bananne** mat.


\+ Ooo, mir hunn den Dessert vergiess! Ech ginn nach séier eng **Taart** sichen.


\- Ok, ech waarden an der Keess op dech.

# Léisungen

## Kapitel 5 — Säit 75, Übung 4

*Kuckt d'Biller a sicht d'Wierder am Quadrat. D'Wierder sinn horizontal, vertikal an diagonal verstoppt.*


Fësch



Kéis



Räis

Gromper



Zoossiss



| | | | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | Z | | | | | | | | | | | J |
| | | G | R | O | M | P | E | R | | | | | | U |
| | | | | | O | | | | | | K | | | G |
| | K | É | I | S | | S | | | | | U | | | H |
| R | | | | | | | S | | | | C | | | U |
| Ä | | | | | | | C | I | | | H | | | R |
| I | | M | Ë | T | S | C | H | | S | | | | | T |
| S | | Ë | | | | | O | | | S | | | | |
| | | L | | | | | C | | | | | H | A | M |
| | | L | | | | | K | | | B | | | | |
| | E | E | Ë | R | | | E | | | | É | | | |
| | | C | | | | | L | | | | | I | | |
| T | | H | | B | A | N | A | N | N | | | | E | |
| | É | | | | | | | | | | | | | R |
| | | I | | | | | | F | Ë | S | C | H | | |



Mëllech



Schockela


Béier

Banann


Mëtsch



Eeër


Jughurt

Téi


Ham



Kuch